N° 373
Entrée le 07.07.2026
Chambre des Députés

**PIRATEN**
**SENSIBILITÉ POLITIQUE**
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

07/07/2026

**Här President,**

**Am Kader vun der Froestonn vum 07.07.2026 wéilt ech der Ministesch fir Digitalisatioun eng mëndlech Fro stellen.**

De 17. Juni 2026 huet d'Europäesch Kommissioun hire véierte Rapport iwwer de "State of the Digital Decade" publizéiert. Am Lännerbericht fir Lëtzebuerg gëtt ervirgehuewen, datt d'Land zwar bei der Connectivitéit an der digitaler Gouvernance staark opgestallt ass, datt awer nach ëmmer Verbesserungspotential bei der Digitaliséierung vum Gesondheets- a vum Justizberäich besteet. Konkret gëtt recommandéiert, den Ausbau vum DSP (Dossier de Soins Partagé) ze beschleunegen an d'Digitaliséierung vun de Justizprozeduren virun ze bréngen. Dëse Constat steet a engem opfällege Kontrast zu der Kommunikatioun vun der Regierung, déi de Score vum 89.5 am rezenten eGovernment Benchmark 2026 féiert — wäit iwwer dem EU-Duerchschnëtt vu 76.6 Punkten. Dëse gudde Gesamtscore verstoppt awer, datt Bierger a Bierger konkret bei zwee sensibelen Themeberäicher — Gesondheet a Justiz — ëmmer nach net dovunner profitéiere kënnen.

**An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ministesch dës Fro stellen:**

- Wéi bewäert d'Ministesch de Constat aus dem Digital-Decade-Rapport 2026 vun der Europäescher Kommissioun, deem no Lëtzebuerg nach ëmmer Verbesserungspotential bei der Digitaliséierung vum Gesondheets- a vum Justizberäich huet, trotz engem héijen Total-Score vun 89.5 am eGovernment Benchmark 2026?

- Wéi erkläert d'Ministesch de Kontrast tëscht dësem héijen Total-Score, dee wäit iwwer dem EU-Duerchschnëtt vu 76.6 Punkte läit, an de spezifesche Lacunnen an de Beräicher Gesondheet a Justiz, déi vun der Kommissioun explizit ervirgehuewe ginn?
- Hänkt d'Verzögerung bei der Digitaliséierung vun de Gesondheets- a Justizdéngschter mat de bekannte Froe ronderëm d'Cloud-Infrastruktur (CTIE, Ofhängegkeet vun US-Cloud-Ubidder) zesummen? Wa jo, wéi geet d'Ministesch dat un?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten